



Commune de BERTRANGE



CLUB AM
SCHLASS



ABRÉLL - JULI
2026



VIRWUERT

Wat eng Freed datt dat sabbelegt a kaalt Wieder sech esou lues verzitt a mir erëm méi vun der frëscher Loft profitéiere kënnen. Fir dat och voll a ganz auszenotzen, hu mir lech e flotte Programm bis an de fréie Summer era gestalt. Mir hoffen lech all gesond a monter mat op den Tour ze huelen. Bei guddem Wieder hu mir do och vill méi Méiglechkeeten an et mécht ëmsou méi Spaass aktiv ze sinn.

Eis Trëppeltier bliwen natierlech weider bestoen, hei gött et just eng kleng Ännerung. De Raymond Merenz leet dës elo a mir soen him en häerzleche Wëllkomm a freeën eis op flott Spadséiergäng mat him. Genau esou bliwen eis gemittlech Filmnomëtteger an och eis Spillnomëtteger bestoen.

Wei gewinnt hu mir och erëm flott Dagestier mat dobäi a géifen eis freeën lech zu vill matzehuelen.

Mir fänken u mat enger Visitt zu Lëtzebuerg. Fir genau ze sinn, geet et an d'Brasserie Nationale. Weider geet et mat eiser Rees an Holland. Um Programm steet och en Dagestour op Reims an eng Visitt vum Ouvrage Hackenberg mat enger Schleisefahrt op der Musel.

Traditionell maache mir och mat eiser Kommissioun 50+ e flotten Ausflug. Dëst Joer geet et op Nanzeg wou mir mat engem klengen Zichelchen eng Visitt vun der Stad maachen an de Musée des Beaux-Arts kucke ginn. E groussen Highlight vun dësem Trimester ass och de Rhein in Flammen. An zu gudder Lescht, hu mir erëm eist Summerfest éier d'Schoulvakanz ugeet.




Mir freeën eis op lech.
Mandy a Sharon



CONTENT

Trëppeltier	06
Spillnomëtteger mat “Smartphone Hëllef”	10
Visitt vun der Brasserie Nationale a Keele spillen	12
Ausflug op Reims	14
Ausflug op Nanzeg - Kommissioun 50+	16
Visitt vu Grosbusch	18
Visitt vum Ouvrage Hackenberg a Schëffsaart	20
Filmnomëtteg – “Mr. Morgans letzte Liebe”	22
Rhein in Flammen	24
Summerfest Kommissioun 50+	26
Fotosréckbléck	30
Notizen	48
Shared Space - Règlement principal	50
Informationen / Informations	51



TRÉPPELTIER

mam Raymond Merenz



Wer ans Ziel kommen will, kann mit der Postkutsche fahren,
aber wer richtig reisen will, soll zu Fuß gehen.

Jean-Jacques Rousseau

Endlech kënne mir de Wanter hannert eis loossen an eis erëm op méi waarm Deeg freeën, wou alles vill méi Spaass mécht an een och vill méi Loscht huet dobaussen ze sinn. Wat gëtt et do méi Schéines ewéi flott Trëppelweeër ze entdecken.

D'Departe gitt Dir bei der Umeldung gewuer. Wa mir net am Duerf spadséiere ginn an Dir keng Méiglechkeet hutt fir selwer op den Treffpunkt ze kommen, versiche mir lech gären eng Matfuergeleeënheet ze organisieren.

Konditioun: Gutt zu Fouss

Vergiesst och wannechgelift net fest Schong a Gedränk matzehuelen!

D'Participatioun erfollegt op eege Verantwortung.



i

14.04.2026

14.00 Auer

5 - 8 KM

28.04.2026

14.00 Auer

5 - 8 KM

12.05.2026

14.00 Auer

5 - 8 KM

09.06.2026

9.00 Auer

5 - 7 KM (Moies)
+/- 3 KM (Mëttes)

30.06.2026

14.00 Auer

5 - 8 KM

**Umeldung bis de
jeeeweiligen Dag virdrun!**
(eng Woch virdru wa mir
dee ganzen Dag ginn)

PROGRAMM

Avril - Juillet






SPILL NOMÆTTEGER

MAT SMARTPHONE HÆLLEF





Well mir leider kee Smartphone Café méi ubidde kënnen, hu mir eis geduecht mir kéinte geselleg Spillnomëtteger organiséiere bei deene mir lech och mat einfache Problemer mam Smartphone hëllefe kënnen.

Mir si keng Informatik Profien, mee mir ginn awer eist Beschtt lech esou guut et geet ze hëllefen, an dat verbonne mat gemittleche Gesellschaftsspiller. An och ouni Smartphone-Problemer ass et einfach schéin zesummen ze setzen an d'Zäit ze genéissen.



 **17.04.2026**

 13.30-16.00 Auer

 **15.05.2026**

 13.30-16.00 Auer

 **26.06.2026**

 13.30-16.00 Auer

 **Maison
Schauwenburg**
1. Stack

**Umeldung bis de
jeeweilegen Dag virdru!**

VISITT BRASSERIE NATIONALE & KEELE SPILLEN





D'Brasserie Nationale ass déi gréisst a bekanntst Béierbrauerei a Lëtzebuerg an ass eng Familljen-Entreprise mat méi wéi 250 Joer Geschicht.

D'Firma ass 1975 duerch den Zesummeschluss vun zwou eelere Brauereien entstanden – Bofferding (gegrënnt 1842) a Funck-Bricher (gegrënnt 1764).

Si braut hire Béier mat rengem Lëtzebuerger Waasser an héichwäertegen Ingredienten. Si produzéieren méttlerweil och dat bekannt Waasser Lodyss.

Mir ginn net nëmmen d'Brauerei kucke mee kréien och eng kleng Degustatioun. Duerno gi mir zu Mëtteg iessen a Keele spille bei de Kueb.



15.04.2026



Depart: 09.20 Auer
Retour: 16.30 Auer



Gemeng/Dicks/
ArcA/Fleuri



40 € (ouni lessen)



**Umeldung bis den
7. Abrëll 2026**

AUSFLUCHT OP REIMS



Eisen Ausflug féiert eis haut op Reims, eng Stad an der Champagne an där sech och alles ëm de Champagne dréit. Nom Ukomme gi mir déi wonnerschéi Pommery-Kellerei besiche. Bei enger guidéierter Visitt gi mir déif an déi impressionnant ënnerierdesch Kellere, wou de Schampes bei konstanten Temperature räift. Mir léieren hei vill Interessantes iwwer d'Hierstellung vum Champagne, vun der Drauf bis an d'Fläsch, an iwwer d'Geschicht vum Haus Pommery. Zum Ofschloss vun der Visitt gëtt et eng kleng Degustatioun, bei där mir verschidde Cuvéeën ze schmaache kréien.


Fir eis ze stärke gi mir Mëttes zesummen lessen. Um Menü steet:

- Tartare d'avocats et crevettes, sauce cocktail
- Paleron de Boeuf cuit basse température, purée aux herbes
- Tiramisu au biscuits roses de Reims

Nom lessen hutt dir dann nach e puer Stonnen zur fräier Verfügung fir Reims op eege Fauscht ze entdecken.

Kommt mat a kritt en interessanten Abléck an d'Traditiounen an d'Kultur vun der Champagne.

Fir an den ënnerierdesche Kellere rode mir lech un eng Jackett matzehuelen a bedenkt datt et vill Trappen si fir erof.



 **06.05.2026**

 **Depart: 07.00 Auer**
Retour: +21.00 Auer
zu Bartreng

 **Gemeng/Dicks/**
ArcA/Fleuri

 **140 € (mat lessen**
+ 1 Glas Wäin + 1/2 l
Waasser + Kaffi)

 **Umeldung bis de**
15. Abrëll 2026

AUSFLUCH OP NANZEG

MAT DER KOMMISSION 50+





An Zesummenaarbecht mat der Kommissioun 50+, organiséiert de Schäfferot eng Visitt op Nanzeg.

Nanzeg ass eng charmant Stad am Oste vu Frankräich an ass fir hir Architektur a Kultur bekannt.

Ukomm zu Nanzeg gi mir an de Musée des Beaux-Arts wou mir impressionant Sammlunge vu Molereien, Skulpturen a Konschtwierker aus verschiddenen Epochen erkläert kréien. Hei fannt dir och e puer bedeitend Konschtwierker aus der Sammlung vum Louvre-Musée zu Paräis.

Mëttes gi muer zesummen iessen éier mir ganz gemittlech d'Stad mam Touristenzichelchen entdecken. Mir ginn hei duerch den historeschen Zentrum gefouert a kréien en lwwerbléck iwwer déi wichtegst Sehenswierdegkeete gëtt, dorënner déi berühmte Plaz Stanislas mat hirem Rokoko-Sprangbuer.



20.05.2026

Depart:
 07:00 Auer
 beim Domaine Schwall
 07:10 Auer
 bei der Gemeng
 07:20 Auer
 bei der ArcA
 07:30 Auer
 um Arrêt Fleuri

Owesiessen:

géint 19:00 Auer
 zu Bartreng (bei der
 Umellung uginn ob Dir
 matgitt)

€ 25€ fir d'Awunner
 vu Bartreng déi
 iwwer 60 Joer hunn

60€ fir d'Awunner
 vu Bartreng déi
 ënner 60 Joer hunn

100€ fir Begleet-
 persounen, déi
 net Awunner vu
 Bartreng sinn

Umeldung um
Tel 26312-250 /255
oder
clubamschlass@
bertrange.lu bis de
29. Abrëll 2026

VISIT VU GROSBUSCH



D'Firma Grosbusch kenne mir quasi alleguer a bal jiddereen hat schonn eppes am Frigo vun hinnen. Et ass eng vun de bekanntste Lëtzebuerger Firmaen am Beräich vum Import an der Verdeelung vu frëschem Uebst a Geméis.

Beim Besuch wäerte mir méi iwwer d'Aarbecht an d'Organisatioun vun der Firma gewuer ginn an en Abléck an d'Logistik, d'Lagerung an d'Qualitéitskontroll vun de Produite kréien. Besonnesch interessant wäert et sinn ze gesinn, wéi d'Qualitéit an d'Nohaltegkeet bei Grosbusch eng wichteg Roll spillen. De Besuch wäert eis hëllefen, d'Funktoun an d'Bedeutung vun der Firma fir d'Versuerung vu Lëtzebuerg a Saachen Uebst a Geméis besser ze verstoen.

No eiser Visitt gi mir ob Welfreng nach e Maufel an de Restaurant 'A Schmatten' iessen. De Menü kënnt no.



i

 **03.06.2026**

 Depart: 09.45 Auer
Retour: +15.00 Auer
zu Bartreng

 Gemeng/Dicks/
ArcA/Fleuri

 30 € (ouni lessen)

 **Umeldung bis de
13. Mee 2026**

VISITT OUVRAGE HACKENBERG A SCHËFFAART





Kommt mat op e Besuch vum Ouvrage Hackenberg, enger bekannter Festungsanlag vun der Maginot-Linn, net wäit vun der lëtzebuergescher Grenz. Beim Besuch fuere mir mat hiren ale Waggonen duerch d'Anlag a léiere méi iwwer d'Geschicht an d'Bedeutung vun dëser militärescher Festung, genau ewéi iwwer hir ënnerierdesch Gäng an Installatiounen. Och gi mir vill iwwert d'Liewe vun den Zaldoten an d'Geschicht vun dëser Zäit gewuer.

Duerno loosse mir den Dag gemittlech ausklénge mat enger Schleisefaart op der Musel. Wärend der Faart gëtt et e Mëttegiessen, wou mir d'Erfarunge vum Dag austausche kënnen. Dëse Programm bitt eng flott Kombinatioun aus Geschicht, Technik an Entspannung.

De Menü ass de folgenden:

- Champignon-Risotto
- Picanha vum Ran
- Baba mat Rhum

i



17.06.2026



Depart: 07.00 Auer
Retour: +17.00 Auer
zu Bartreng



Gemeng/Dicks/
ArcA/Fleuri



145 € (mat lessen +
1 Crémant + 2 Glierser
Wäin + Waasser +
Kaffi)



**Umeldung bis den
21. Mee 2026**

FILMNOMÉTTÉ

„MR. MORGANS LETZTE LIEBE“ | Ein Film von Sandra Nettelbeck



In Paris lebt der einsame, lebensmüde Witwer Matthew Morgan (Michael Caine). Durch die Zufallsbekanntschaft mit der freimütigen, hübschen und impulsiven Französin Pauline (Clémence Poésy) gewinnt er seine Lebensfreude zurück. Beide verbringen eine kurze, aber wunderschöne Zeit miteinander, die ihr Leben verändert.

Gemeinsam entdeckt das sonderbare Pärchen wahre Freundschaft, gute Gesellschaft, einfühlsame Romantik – und lernt den Wert einer Familie kennen. Pauline hat damals ihre Eltern bei einem Autounfall verloren. Seither hat sie sich nie wirklich bei jemandem geborgen gefühlt. Mit Matthew erlebt sie dieses Gefühl zum ersten Mal.

Bald muss sie aber erfahren, dass sich Matthew seit dem Tod seiner Frau von seinen eigenen Kindern entfremdet hat. Als diese nach einem gescheiterten Selbstmordversuch von Matthew nach Paris kommen, versucht Pauline, zunächst vergebens, die Beziehung zwischen Matthew und seinem Sohn Miles (Justin Kirk) zu retten.



i

 **24.06.2026**

 **15.00 Uhr**

 **ArcA**

 **Gratis**

 **116 min**

 **Anmeldung bis
zum 20. Juni 2026**

RHEIN IN FLAMMEN



Mir fuere vum 4. Juli bis de 5. Juli op Rüdesheim an Däitschland a ginn de Rhein in Flammen kucken.


Den Depart ass fir 12.30 Auer Mëttes bei der ArcA geplangt. Vun do fuere mir direkt an den Hotel, net wäit vu Rüdesheim, fir anzechecken.

Do kënnt dir lech e bësse frësch maachen oder e kleng Spadséiergang maachen éier et fir 18 Auer weider op Rüdesheim op d'Schëff geet. Hei kréie mir Owe z'iessen a maachen eng flott Schëfffaart iwwert de Rhäin. Den Héichpunkt vun dëser Tour sinn awer d'Feierwierker laanscht de Rhäin.

Den Dag drop fänke mir u mat engem gemittleche Früstück am Hotel a fuere duerno weider bei d'Niederwalddenkmal. Dat ass awer nach net alles, vun do aus fuere mir mat der Seelbunn nach ganz erop op de Bierg. Mëttes gëtt et dann nach e Maufel ze iessen an dir hutt nach e bësse Fräizäit zu Rüdesheim éier mir eis erëm op de Wee op Bartreng maachen.

Abegraff am Präis sinn:

- Eng Nuecht am ClassicX Landhaus&Hotel mat Früstück
- Eng All Inclusive Schëfffaart am Kader vum Rhein in Flammen (3 Gäng Menü mat "all inclusive" Béier, Wäin a Waasser)
- D'Seelbunn vum Niederwalddenkmal op de Bierg an zeréck
- En Mëttesiessen de leschten Dag
- Den Transport vun der ArcA op Rüdesheim an zeréck. Dir kënnt fir 35€ zousätzlech och doheem ofgeholl ginn.



04.-05.07.2026



Depart: 12.30 Auer



ArcA



670 € (EZ)

630 € (DZ)

(de Präis kann nach variéiere jee no der Unzuel vun de Leit)



Umeldung bis den 8. Mee 2026

SUMMERFEST

VUN DER KOMMISSION 50+





Esou lues freeë mir eis all op d'Summervakanz, wou et bei jidderengem vläicht ee bësselche méi roueg gëtt an een sech gutt erhuele kann.

Als lescht Aktivitéit an Ofschloss vun enger ganz flotter Saison, wëlle mir lech zesumme mat der Kommissioun 50+, härezechst op eist Summerfest invitéieren.



08.07.2026



11.30 Auer



Duerfgaart



**25 € (lesse mat
Dessert + 1 Aperitif
+ 1 Kaffi an et gëtt
op der Plaz bezuelt)**



**Umeldung bis den
24. Juni 2026**

FOTOS RÉCKBLÉCK

Oktober 2025 - Januar 2026





AKTICA

PENTACON

auto

1.8/50

MULTI COATING

LUNÉVILLE & BACCARAT








#ExploreTheEU





BRUGES













FÊTE SENIORS





FÊTE SENIORS









TRÉPPELTIER





NOTIZEN

Maachtlech hei Notizen zu den Aktivitéiten
dêi Dir maache wêlt

[illegible]

[illegible]



Commune de B E R T R A N G E



Shared Space

RÈGLEMENT PRINCIPAL



La voie publique est ouverte à la circulation motorisée, cycliste et piétonne



Vitesse maximale autorisée de 20km/h




Priorité à droite absolue



Le stationnement est interdit sauf sur les emplacements aménagés

1	Stadion André Wolff	64	4H max	8	Gemeng	24	2H max
2	Kierfecht	30	4H max	9	Am Zentrum	125	4H max
3	Duerfgaart	9	2H max	10	Atert	22	4H max
4	Beim Schloss	8	2H max	11	Tennis	18	4H max
5	Beim Schloss	13	1H max	12	Péitruess	83	4H max
6	Oppert	12	2H max	13	Apdikt	4	1H max
7	Schauwebuerg	8	1H max	A	ArcA (SANS DISQUE)	37	48H max



JOURS OUVRABLES DU LUNDI AU VENDREDI DE 08H00 À 18H00

INFORMATIONEN **INFORMATIONS**

WICHTIGE HINWEISE:

Die Teilnahme an Aktivitäten erfolgt auf eigene Verantwortung.

Anmeldungen werden telefonisch und per E-Mail entgegengenommen. Sie werden umgehend informiert, ob ein Platz frei ist oder ob Sie auf der Warteliste stehen.

Wurde Ihnen mündlich oder per E-Mail ein Platz zugesichert, dann überweisen Sie binnen 7 Tagen den entsprechenden Betrag mit dem korrekten Vermerk.

Ihre Anmeldung ist verbindlich.

Sollten Sie aus gesundheitlichen Gründen absagen müssen, so informieren Sie uns sofort. Unter Umständen können wir Ihren Platz an einen Interessenten weitergeben. Die für uns entstehenden Unkosten werden nicht zurückerstattet.

Bei vielen Aktivitäten werden Fotos von den Teilnehmern gemacht. Diese werden zur Publikation genutzt. Sind sie nicht damit einverstanden, dass ein Foto von Ihnen veröffentlicht wird, dann teilen Sie uns dies schriftlich mit.

AVIS IMPORTANTS:

L'utilisateur participe aux activités à ses propres risques. La commune décline toute responsabilité en cas d'accident.

Les inscriptions aux activités se font soit par téléphone, soit par courriel.

En cas de confirmation de votre inscription, veuillez effectuer le paiement dans les meilleurs délais.

Votre inscription est contraignante.

Si vous êtes dans l'incapacité de participer aux cours pour des raisons médicales, veuillez-nous en informer dans les meilleurs délais. Le cas échéant, votre place sera confiée à une personne sur la liste d'attente. Les frais d'inscription ne peuvent être remboursés dans aucun cas.

Lors de toute activité, des photos peuvent être prises et peuvent être reprises dans des publications. Si vous ne voulez pas figurer dans des publications, veuillez nous en informer en avance et par écrit.



Einschreibungen / Inscriptions

Club Am Schloss

26 312 250/255 ou clubamsschloss@bertrange.lu

Comptes bancaires:

BCEE LU15 0019 1001 0292 6000 / CCPL LU54 1111 0070 9110 0000



**Club
Am Schloss**
centre de rencontre



COMMUNE DE BERTRANGE SERVICE 50+

2, BEIM SCHLASS | L-8058 BERTRANGE

WWW.BERTRANGE.LU

HEURES D'OUVERTURE

LUNDI AU VENDREDI
08:00 À 12:00 & 13:00 À 16:00



26 312 - 250 / 255



Circleoffset
Premium White